PIRATEPARTEI LËTZEBUERG
1A, RUE DE LUXEMBOURG
L-8184 KOPSTAL

Lëtzebuerg, den 5 Juni 2025

# Communiqué

De Gerson Rodrigues ass am Mäerz 2024 zu 18 Méint Prisong mat Bewärung an enger Geldstrof verurteelt ginn, ënnert Anerem, well hien seng fréier Partnerin geschloen huet. Trotzdeem gëtt dëse Spiller ëmmer erëm dozou invitéiert eis Land op internationalem Plang ze vertrieden.
Den President vun der lëtzebuerger Futtballfederatioun sot an engem RTL Interview, datt een de Spiller nieft dem Geriicht net hätt wëllen nach eng zweete Kéier sanktionéieren.
De Luc Holtz, a senger Funktioun als Nationaltrainer vun der lëtzebuergescher Nationalequippe, seet betreffend der Kritik un der Nominatioun vum Gerson Rodrigues, dass d'Theema "groussaarteg opgebauscht" gëtt.
E Journalist vum "Le Quotidien" ass opbauend op senger Kritik en Dënschdeg op engem Point Presse vun der Lëtzebuerger Futtballnationalekipp vun der FLF ausgeluede ginn.

Dëst ass näischt wat groussaarteg opgebauscht gëtt, dëst si Fakten an engem Land wou gesellschaftlech Wäerter wéi Respekt, Gläichheet tëschent Mann a Fra a Meenungsfräiheet héich gehale ginn. Et ass fir eis Piraten inakzeptabel, dass dës Wäerter vun allen involvéierte Leit bei der Federatioun mat Féiss getruede ginn. Männer déi Frae schloen an net ze vill solle bestrooft ginn, Journalisten déi net ze kritesch dierfe sinn, dat sinn Zoustänn déi eiser Meenung no an eiser demokratescher Gesellschaft näischt ze sichen hunn.

Mir hunn an dësem Kontext de Sportsministère och via parlamentaresch Fro vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen dozou opgefuerdert, Stellung ze bezéien, besonnesch wat d'Verhale vum Nationaltrainer an der Federatioun am Allgemengen ugeet. Och eng Motioun an der Chamber wäert an dësem Kontext nach hannerluecht ginn. All Persoun, déi am Stadion oder bei enger offizieller Feier dëse Persounen nach applaudéiert, sollt sech hannerfroen.

Mir fuerderen net nëmmen dass d'Federatioun sech beim Journalist entschëllegt, mee dass déi handelnd Persounen an dëser Affaire och hir Konsequenzen zéien. Persounen déi Gewalt géing Frae verharmlosen, an d'Pressefräiheet net respektéieren, dierfen eist Land net méi vertrieden ! Condamnéiert Sportler sollten eis Land allgemeng net méi dierfen international vertrieden. Et geet hei net nëmmen ëm eng sportlech Contributioun, mee och e Bild wat mir no baussen ofginn a Wäerter déi mir vertrieden. Mir schwätzen ëmmer vu Virbildfunktioun, et gëtt un der Zäit dass dës och gelieft gëtt.